
Informationsblad: 2021.04
Erschengt 4x d'Joer
engbreckmatlateinamerika.com
www.facebook.com/EBMLA



*ONG fir Entwécklungshëllef a Mëttel-
a Südamerika*

CCPL: LU04 1111 0883 0535 0000

BCEE: LU85 0019 3755 3516 0000



35 Jar Entwécklungshëllef a Südamerika

Virwuert fir d'Enn vum Joer.

Déi 2 letzt Jore ware net einfach. Net nëmme bei eis mëcht de Corona-Virus Misär, ma och a Südamerika. Do war de Lockdown méi laang wéi bei eis an d'Schoulkanner hate méintlaang keng Schoul. Wann si do ënnen net kënnen schaffe goen, dann hu si guer keen Akommes, well si kréie kee finanziellen Ausgläich oder Chômage bezuelt.

Glécklecherweis hunn déi Leit, déi mir ënnerstëtzen an déi an den entleeënsten Ecker wunnen, praktesch keng Probleemer mam Covid gehat. Si se sou wäit vun der "Zivilisatioun" weg, dat se kee Kontakt mam Virus haten. Eis Partner awer, déi an enger Stad wunnen, haten Probleemer während dem Lockdown fir de Kontakt mat de Benefiziären ze halen. Dofir hate mer och vun eisem Kooperatiounsministär d'Erlaabnis kritt, fir d'Projeten vum 4. Accord-Cadre bis Enn Abrëll 2021 ze verlängeren, fir op dës Art a Weis awer all Projet wéi geplangt ofzeschleissen. Dofir huet et och sou laang gedauert bis den definitive Bilan, den der op der Säit 3 fannt, vum Reviseur opgestallt konnt ginn.

Während de Summerméint huet de President mat Hëllef vun der Sekretärin an enger Comiteesmemberin, no villem Hin an Hier mat de Partner fir all d'Donneeën zäitgerecht ze kréien, d' Rapporten fir de Ministär zesummegestallt. Lo ass dësen Accord-Cadre och fäerdeg a mir waarden op d'Konklusiounen vum Ministär.

Wéi well an de vieregte Bulletinen ugekënnegt hu mer lo nach 2 gréisser Projete lafen. Dëst ass bedéngt doduerch, dat mer nëmme méi zu 60 % vum Entwécklungsministär ënnerstëtzt ginn an eis finanziell als ONG net méi engagéiere kënnen an duerch dei administrativ Aarbecht, déi beim Suivi vun de Projeten ufällt.

PASSEND ZUM ADVENT ENG TRADITIOUN AUS KOLUMBIEN

"Velitas" ass ee Fest, wat iwwerall a Kolumbien de 7. Dezember gefeiert gëtt. "Vela" heescht Käerz a "velitas" heescht ebe vill kleng Käerzen. Si feieren dann den Dag vun der unbefleckten Empfängnis vun der Maria an hier zu Éieren fänken d'Leit dann Käerzen an der Strooss un a sëtzen zesammen, gi bei den Noper kucken a verbréngen ee gesellege Moment. ... Dat ass natiirlich an deem Klima och méi einfach am Dezember wéi bei eis.



Mir wiere frou wann der eis kënnt op dahm1@pt.lu eng EMAIL-ADRESSE MATDEELEN, da géife mer Eech eise Bulletin iwwert dee Wee zoukomme loosse, fir eech iwwert eis Projeten zu informéiere. Sou kéinten mir e gudde Batz Sue duerch d'Drock- an de Portokäschten spueren. Dës Erspuernisser kéinten dann integral an d'Projete fléissen.

Bilan au 31.12.2020

Actif

Actif immobilisé

I. Immobilisations incorporelles

2. Concessions, brevets, licences, marques 6 918,79

Actif circulant

II. Créances

4. autres créances

a) dont la durée résiduelle est

inférieure à un an 29 787,30

IV. Avoirs en banques 383 103,19

Comptes de régularisation 295 497,19

TOTAL Actif 715 306,96

Passif

Fonds propres

I. Fonds associatifs 81 801,55

II. Fonds dédiés 554 345,81

VI. Résultat de l'exercice -45 637,52

Dettes sur achats et prestations de service dont la durée est inférieure à un an

Dettes au titre de la CCSS 2 686,58

Autres dettes dont la durée est inférieure à un an 122 110,54

TOTAL Passif 715 306,96

De Bewässerungs- a Nahrungsmittelproduktionsprojekt

an de Kommunautéiten Cccanac Chimpa, Chaquepay an Huayllacocha am Peru.

Dëse Projet ass am Mee 2021 ugelaft. Hien dauert 3 Joer. All Joer gëtt an engem vun deenen 3 Dierfer de System vun der technifizierter Bewässerung agefouert. Un den oppene Kanal, deen eng Kéier vum Staat gebaut gouf an deen d'Waasser aus der Laguna Huaypo laanscht den Hank verdeelt, gëtt d'Haaptleitung ugeschloss. Dësen ale System, deen nëmme eng Bewässerung erlaabt, bei der d'Waasser einfach de Biergof iwwer d'Felder lafe gelooss gëtt, ass net ekologesch an nohalteg. Bei dëser aler Bewässerungsmethod gëtt d'Erosioun gefërdert an d'Waasser kënnt net onbedéngt dohin, wou de Bauer et wëll hunn.

Mat der neier Method, déi eise Partner op der Plaz lo well iwwer 20 Joer uwend an och ëmmer rëm perfektionéiert, gëtt d'Waasser duerch Plastikréier (Haaptstrank) vun der Waasserquell (eng Baach, eng Laguna, e Kanal, deen aus engem Reservoir oder engem Séi kënnt) Biergof bei d'Felder geféiert. Do ginn dann ënnerwee Sekundärsträng no rechts a links geluecht, un déi sich de Bauer kann mat mobillen Sprengklarten uschléissen fir seng Felder ze bewässeren. Sou kann hien opt mannst eng Rekolt pro Joer méi maachen an d'Nahrungversuergung gëtt domat substanzieell verbessert.



Sur la photo on voit en haut au milieu le raccord au canal existant avec la ligne principale amenant l'eau vers les terrains de culture et les lignes secondaires de distribution. Les points jaunes indiquent les points de raccordement pour les asperseurs.





Le canal existant venant du lac Huaypo qui fournit l'eau pendant toute l'année auquel on a raccordé la ligne principale



Le regard du raccord canal-tuyau obtient sa finition





Arrivée des tuyaux et et excavation pour la ligne principale



Pour traverser les endroits rocheux il faut beaucoup de mains fortes fournies par les bénéficiaires





Toute la population aide à la pose des tuyaux



Les tuyaux de raccordement pour les asperseurs près des champs de maïs qui attendent l'irrigation






*Mir wënschen
eech friddlech
Chrëschtdeeg an
eng gutt
Gesondheet fir
2022*

*Liichterinstallatioun vun
2009 fir Chrësttag zu
Medellín a Kolumbien*

*Dir kritt dës Bulletin geschéckt, well der eis een Don gemaach hat. Iwwert dës
Wee wëlle mer Iech weisen wat mat Äre Sue geschitt.
Wann Der net méi wëllt iwwert eis Aarbecht informéiert ginn, da sot eis Bescheed op
der E-mail- Adress: dahm1@pt.lu oder um Tel: 808071.*



*Mat dessem QR-Code kënn Der mat Digicash Aeren
Don un "Eng Bréck mat Lateinamerika" maachen.
Dir kënnt awer och op ee vun de Konten op der 1. Säit
iwwerweisen. Merci*



*Diekirch
Port payé
P/S.246*

*Eng Bréck mat Lateinamerika
19,rue Jean l'Aveugle
L-9208 Diekirch*